



Äntwert vum Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6527 vum 22. Juli 2022 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen

Zur Fro 1:

Ech verweisen op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro 6520.

Zur Fro 2:

Jo.

Zu de Froen 3 bis 5:

D'Arméi wäert weiderhin all hier verschidden national an international Missiounen erfëllen, mee et ass momentan nach ze fréi fir dës Froen kënnen am Detail ze beäntweren.

De Batailloun wäert aus 4 operationelle Kompanië bestoen, 2 belschen an 2 lëtzebuergesch. Aktuell ass geplangt dass just eng lëtzebuergesch Kompanie an der Belsch stationéiert wäert ginn. Déi aner wäert zu Dikrech bleiwen an och fir national Missiounen zur Verfügung stoen.

Zenarie mat enger zukünfteger Bedeelegung vun Deeler vum Batailloun un OMP Missioune sinn och ugeduecht.

Zur Fro 6:

E binationalen Aarbechtsgrupp befaasst sech mat dëse Froen.

Zur Fro 7:

D'Défense schafft un engem Konzept fir en Deel vun der Logistik eventuell hei zu Lëtzebuerg duerchzeféieren.

Zur Fro 8:

D'Militärausgabe ginn net vum Batailloun mee vun de jeeweilege Länner gemaach. Ergo kritt all Land seng Ausgabe verrechent.

Lëtzebuerg, den 22. August 2022

(s.) François Bausch

Verdeedegungsminister